PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/07/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Fir de Vëlosummer 2022 maachen, ënnert anerem, d'CFL op hirem Site Werbung dofir, dass een de Vëlo problemlos am Zuch ka mathuelen. Extra Zich ginn u verschidde Weekender agesat an den Transport vu Vëloen an E-Bikes ass - wéi och fir d'Passagéier - gratis. Um Site *www.velosummer.lu* gëtt erkläert, dass d'Vëloen an speziellen Zuchwaggonen oder Bussen transportéiert musse ginn. D'CFL huet awer am klénggedréckten Text stoen, dass d'Plaz fir de Vëlo am Zuch zesumme mat de Poussetten a Rollstill gedeelt gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister garantéieren, dass zu all Zäitpunkt genuch Plaze fir Vëloen, Rollstill a Poussetten an den Zich souwéi an de Busser do sinn?

2. Wou ass festgehalen, wéi vill Vëloe maximal dierfen am Zuch an am Bus dierfe matgeholl ginn?

3. Am Fall wou een Zuch oder Bus maximal ausgelaascht ass, wéi eng Passagéier kréien d'Prioritéit?
   Muss ee Passagéier, deen am Zuch/Bus ass, dësen da verloossen?

4. Sinn all d'Zich a Busser equipéiert fir Vëloen, Elektrovëloen, Rollstill a Poussettë matzehuelen? Falls nee, wéi vill Fuermaterial kann dat net a wéi eng Linne sinn heivunner betraff sinn?

5. Verschidde Persoune fuere jo och mat engem Elektrovëlo, dee mat enger Batterie equipéiert ass.
   Wat fir Sécherheetsvirkéierungen hunn d'CFL virgesinn, am Fall wou een E-Bike am Zuch géif ufänke mat brennen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député